DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 15. Januar 2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou eréi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Baute weiderzeleeden:

„De Covoiturage gëllt bekanntlech als sënnvoll Pist fir dass manner Autoen op de Stroossen ënnerwee sinn, a gëtt deementspriechend op ville Plazen duerch speziell Spuere gefërdert, wéi z.B. op der E25 tëscht Arel a Sterpenich.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Baute folgend Froe stellen:

- *Ass vu Säite vum Mobilitéitsministère virgesinn, zousätzlech Spuere fir de Covoiturage zu Lëtzebuerg ze bauen? Wa jo, wou wier dat genee?*
- *Op wéi enge Plaze wier et méiglech d'Standspuer fir de Covoiturage fräi ze ginn? Op wéi ville Plaze misst d'Standspuer méi breet gemaach ginn, fir dass en Auto ouni Problem drop fuere kann?*
- *Bis wéini kéinten déi eenzel nei Spueren opgoen?*
- *Op wéi eng Manéier soll an deem Kader kontrolléiert ginn, dass och effektiv nëmmen Autoe mat op mannst dräi Passagéier iwwer dës Spuer fueren?"*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten